ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister weiderzeleeden.

Vu Schraasseg héiert een, datt d'Prisonéier mol net déi elementar Hygiènesartikele kréien, wéi z.B. e Kamp oder eng Neelpëtz. An den Zelle sollen anscheinend Insekten, wéi z.B. Sëlwerfëschelcher, sinn.

Dowéinst wéilt ech dem Här Justizminister dës Froe stellen:

1. Kréien d'Prisonéier, wa si an de Prisong kommen, eng Trousse mat deene wichtegsten Hygiènesartikelen? Wat däerfe si vu sech matbréngen, speziell och wat hir perséinlech Hygiène ugeet?
2. Huet all Prisonéier eng Plaz, wou hie seng Hygiènesartikele kann histellen?
3. Wéi ass den hygieneschen Zoustand vun den Zellen? Wéi gëtt séchergestallt, datt keng Insekten (z.B. Sëlwerfëschelcher) an den Zelle kënne sinn?
4. Wéi vill Leit si fir gewéinlech an enger Zell? Wat gëtt gemaach, wann eng Zell iwwerbeluecht ass?
5. Ass et de Prisonéier erlaabt, Gesellschaftsspiller ze spillen? Stëmmt et, datt et verbueden ass, fir z.B. Schach ze spillen an datt d'Prisonéier kee Schachspill däerfe kréien? Wa jo, wéi gëtt esou e Verbuet justifiéiert?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique